- Question n°83 du 24 février 2015 de M. Roger Negri relative à la stratégie du Ministère de la Famille et de l'Intégration quant à la mise en place de structures de logement encadré, CIPA et maisons de soins en fonction de l'évolution de la pyramide des âges des personnes habitant dans les établissements ci-devant ainsi que sur le contrôle de qualité respectif de l'encadrement et des soins donnés, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

M. Roger Negri *(LSAP)*.- Merci, Här President. Wéi mer alleguerte wëssen, geet d'allgemeng Liewenserwaardung vun eisen eelere Matmënschen ëmmer méi an d'Luucht an ab engem bestëmmten Alter brauche se alleguer och Hëllef vun anere Leit, engersäits doheem an anerersäits a Strukture wéi „Betreit Wunnen", wou ee kann higoen, wann ee sech net méi selwer kann ëm säin Haus oder Appartement bekëmmeren. Hei, mengen ech, géif e grousse Besoin bestoen, wou d'éffentlech Hand méi verstäerkt an d'Locatioun vu betreite Wunnengen investéiere kéint.

An der zweeter Struktur, de CIPAen, de Centres intégrés pour personnes âgées, mussen d'Leit, fir eranzekommen, nach autonom sinn, wou se da bis zu hirem Liewensenn jo kënne bleiwen. Hei schéngt de Ratio sech duerch d'Assurance dépendance ëmmer méi a Richtung vu méi hëllefsbedürftege Leit ze änneren.

Dat bréngt mech dann zur drëtter Struktur, de Maisons de soins - d'Hospicen -, wou nëmme fleegebedürfteg Leit erakommen, an och hei, duerch d'Assurance dépendance - wat jo vill Leit arrangéiert - méi laang kënnen doheem bleiwen, bis et dann awer doheem guer net méi geet.

D'Fro, déi ech der Ministesch stelle wéilt, ass, wéi Dir déi zukünfteg Entwécklung gesitt, mat eventuell engem Akzent op méi betreite Wunnengen a méi Hospicen. Wéi grouss sinn de Moment d'Listes d'attente fir d'CIPAen an d'Hospicen? Ech fannen et dramatesch, dass eeler Leit alt mussen am Ausland ënnerbruecht ginn!

Dat bréngt mech zur leschter Fro, ob hei am Land eng Qualitéitskontroll stattfënnt. Ech weess, dass vu Personal, Direktiounen a Verwaltungsréit gutt Aarbecht geleescht gëtt, mä et héiert een ëmmer erëm Saachen, wou ee sech awer Froe stellt.

Kloer ass, dass dëst e ganz sensibelt Thema ass, wou Ofhängegkeete kënnen entstoen, an dat op béide Säiten. Esou stellt sech d'Fro vun externen Auditen a Kontrollen, an dat, mengen ech, net vun der COPAS, de Patronatsorganisatiounen, iwwer zum Beispill hygienesch Konditiounen, d'Qualitéit vum Iessen. Ech hat dat och scho virun e puer Joer op dëser Plaz eemol ugeschwat am Kader vu regelméissege Berichter vun auslännesche Medien iwwer Gewalt an Altersheimer.

Am Resümee, Madame Ministesch, ziilt meng Fro dorop eraus, ob a wéi d'Politik sech an dësem Secteur, deen ëmmer méi wiisst, verséchert, dass eis eeler Matmënsche korrekt an an aller Serenitéit bis zu hirem Liewensenn begleet ginn. Well dorop huet all Mënsch en elementaart Recht!An domadder soen ech Iech Merci, Madame Ministesch, fir Ar Äntwert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Negri. Dann huet d'Madame Familljeministesch d'Wuert.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, also, et ass wouer: D'Populatioun wiisst a gëtt ëmmer méi al. D'Leit ginn ëmmer méi al. Mir kënnen zum Beispill feststellen, dass 2030 117.000 Leit méi wéi 65 Joer al wäerte sinn. 2060 sinn dat der 197.000. An am Moment sinn et der just 77.000.

D'Zil ass allerdéngs net, dass d'Leit ëmmer méi al ginn. D'Zil ass natierlech dat, dass mer alleguer ëmmer gutt al ginn a bei beschter Gesondheet am Fong geholl al ginn. An dat ass am Fong dat Zil, wat mer ons musse setze fir d'Zukunft, wa mer vum Wuesstum vun den eelere Leit schwätzen, zu deene mer dann och iergendwann eng Kéier wäerte sécherlech zielen.

Mir hunn am Moment, fir dat eng Kéier ze soen, 31 CIPAen hei am Land, mat 3.747 Better. Mir hunn 20 Maisons de soins mat 2.193 Better. A mir hunn zéng Logements encadrés mat 451 Better. Plus all Kéiers nach Vakanzebetter, déi ech elo net hei preziséiert hunn. D'Kritären, fir iwwerhaapt an esou en Haus eranzekommen, dat kann natierlech den Alter sinn, mä et kann awer och d'Fragilitéit vun der Persoun sinn a wéi séier se dat brauch.

Dofir géif ech och vläicht fir d'Éischt op de Logement encadré agoen, wou Der mer d'Fro gestallt hutt. Där ginn et der eben e puer. Et ass natierlech och e Wëlle vun der Regierung, fir dat ze ënnerstëtzen, de Logement encadré, fir d'Leit eben och esou laang wéi méiglech doheem ze hale respektiv an engem Emfeld ze halen, wou se sech wuelfillen a wou se wéi doheem oder respektiv doheem sinn. Dat ass och de But vun der Fleegeversécherung gewiescht, fir d'Leit eben esou laang wéi méiglech och doheem ze betreien, esou laang et ebe méiglech ass.

Et ginn och ganz vill Immobilieprojeten, esou Résidences seniors, wou elo d'Regierung net direkt mat involvéiert ass. Mä allerdéngs këmmere mir ons do dann awer drëms, dass och dat agrémentskonform ass respektiv dass do och alles respektéiert gëtt, fir och Litigen ze évitéieren.

Et ginn och Logements sociaux fir eeler Leit, wéi zum Beispill d'Fondation Chomé, fir déi, déi sech et vläicht manner kënne leeschten, fir an e Logement encadré ze plënneren, déi kënnen dann och vun esou engem profitéieren.

Mir sinn och amgaangen ze schaffen un de Gesetzer iwwert d'Accessibilitéit, den Design for all, fir dass d'Leit eben och an Zukunft esou laang wéi méiglech kënnen doheem bleiwen, och wa se emol vläicht manner gutt ze Fouss sinn.

Da sinn de Familljeministère an de Conseil supérieur des personnes âgées zesummen amgaangen, och de Projet „Seniorenfreundliche Gemeinden" nees ze relancéieren. Dat ass den „Leitfaden zur Umsetzung eines Seniorenkommunalplans", fir eben d'Gemengen och ze encouragéieren a mat de Gemengen ze kucken, fir d'Leit esou laang wéi méiglech doheem ze halen, an och ze kucken, wat d'Besoine si vun de Senioren an de Gemengen, fir justement dat da kënnen och esou anzeriichten.

De Maintien à domicile, wéi gesot, ass eent vun den Ziler, och vun dëser Regierung. Allerdéngs brauche mer natierlech CIPAen, zwar ëmmer manner, well, wéi Der och richteg gesot hutt, d'Leit kommen doduerch ëmmer méi spéit natierlech an en Haus a sinn och ëmmer méi fleegebedürfteg, wa se an en Haus kommen. Dat heescht, d'Maisons de soins kréie méi eng grouss Wichtegkeet, woubäi d'CIPAen eng méi kleng Wichtegkeet awer mat der Zäit da wäerte kréien.

Wat d'Listes d'attente ugeet, do ass et am Fong geholl schwéier soen. Et gi ganz, ganz laang Listes d'attente. Allerdéngs soen alleguer d'Haiser, dass se, wa se e Bett fräi hunn, musse bis op déi 12., 13., 14. Positioun uruffen, bis iwwerhaapt emol een iwwerhaapt drun denkt ze considéréieren, an d'Haus ze goen. Firwat ass dat? Jo, d'Leit schreiwe sech prophylaktesch an aus Angscht, vläicht muer oder d'nächst Joer net méi gutt ze sinn, a fir dann awer vläicht op där Liste d'attente ze sinn an eng Plaz ze kréien.

Et ginn awer och ganz vill Fäll, wou d'Leit zum Beispill operéiert ginn an dann eng Zäit net gutt sinn. Da mengt jiddwereen: Oh mei, elo geet dat net méi eleng! An dann, mat Kiné a mat där néideger Rééducatioun geet et dann awer op eemol nees. An da rifft d'Altersheim un an da soen d'Leit: „Ah neen, neen, elo geet et nees. Elo bleiwen ech emol nees eng Kéier e Stéck doheem." Dat heescht, et kann een am Fong net richteg op déi Listes d'attente goen, well d'Leit sech awer ganz dacks dorop aschreiwen, ouni elo wierklech do nach e Besoin direkt ze hunn.

Just ganz séier nach fir d'Qualitéitskritären: Do sinn d'Gestionnairen am Fong ganz gewëllt, fir där der ganz vill anzefëieren. Mir hunn där och vill. Ech nennen der e puer: Zum Beispill hu mer natierlech national Campagnen, wat d'Hygiène ugeet, wéi elo déi lescht Campagne iwwert d'Hännwäschen. Si schaffen och alleguer ganz enk mat der Inspection alimentaire, mat der Inspection sanitaire a mat der ITM zesummen. Si schaffe mat Diététiciennes gériatriques.

Ëmmer méi sinn d'Haiser amgaangen, Outilen en place ze setzen, fir eben d'Bientraitance och ze moossen an ze kucken, dass et de Leit och wierklech gutt geet an deenen Haiser. D'Formation continue vum Personal ass an deem Kontext och ganz wichteg, géif ech och gären eng Kéier soen.

Da fir d'Plainten, do gëtt et natierlech eng Procédure, fir eng Plainte ze maachen. Et gëtt och de Seniorentëlefon, wëll ech nach eng Kéier soen. An natierlech hu mer den Agrément, an de Ministère, dee mécht ganz vill Kontrollen all Joers, fir ze kucken, ob och alles agrémentskonform ass. Esou hate mer d'lescht Joer zum Beispill 43 Kontrollen, 33 sur place...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Madame Minister, Dir misst zum Schluss kommen.

Mme Corinne Cahen, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Ech si gläich fäerdeg.

...an zéng Kontrollen op Dossieren. Voilà, an dat heescht, där maache mer der relativ vill. A wat d'Besoinen ugeet, si mer amgaangen, nach ze kucken, fir dass dat och geografesch gläichméisseg am Land verdeelt ass, do, wou een esou Haiser brauch.

Ech soen Iech villmools Merci a Merci fir d'Zäit, Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, et soll net systematesch iwwerzu ginn, wann ech gelift. Also nach eng Kéier: Véier Minutte si laang, et kann ee villes soen. Also en Appell un d'Regierung, sech dorun ze halen, an un eis Kolleegen Deputéiert, wann ech gelift d'Handyen op Fluchmodus ëmzestellen. Merci.

An als nächsten huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert. E stellt eng Fro un de Premier- a Statsminister iwwert d'Publikatioun vun de Resultater vun den Europawahlen.